Begréissen : Dr Sonja Adam DP, Mme Isabel Wiseler CSV, M. Carlo De Toffoli Déi Greng

D'Vertrieder vu de Gaasperecher Veräiner, de Här Paul Reeff, Präsident vun der Usill, d'Präsidentin vum Hollerecher Interesseveräin, de Präsident a Sekretär vum Zéissenger Interesseveräin, de Här Jacques Marxen, comch Police Gasperich a säin adjoint, Mme Milly Tasch vu der Confédération vu der Portugiesescher Communautéit

Entschëllegt sin : de Me Laurent Mosar CSV, d'Mme Dr Martine Stein-Mergen, de Här Carlo Back Déi Greng, de Gilles Hermes Präisident vu de Frënn vu de Scouten, eise Keessiers den Daniel Reding (Diplomiwereechung vun Pro Latinatate), de Me Alex Krieps

Villmools Merci datt Dir haut den Owend bei eis komm sidd.

Dir Dammen an Dir Hären !

Wéi dir gesit hale mir haut eis AG ausnahmsweis am Scoutshome of. Dat ass komm wëll d'Scouten déi e Samsdeg Theater spillen a duerfir d'Bühn am Home all Owes brauche fir ze prouwen. Mir sin hinnen sou entgéint komm a mir soe hinnen Merci dat si eis duerfir hire Home gratis zur Verfügung stellen.

Ech presentéieren Iech elo den Aktivitéitsrapport vum Interesseveräin:

De Comité huet sech d'lescht Joer no der Generalversammlung nei forméiert. Duerno si mir 7 mol zesumme komm:

mir waren e puermol mam Me Krieps zesumme wéinst dem Dossier "Ban de Gasperich"

mir waren zesumme mat dem Interesseveräin Zéisseng bei de Responsabelen vum Busservice vun der Gemeng Lëtzebuerg,

mir waren zesummenkomm mat der Vertriederin vun der Confédératioun vun der Portugiesescher Communautéit, déi dorops hin sech spontan beréit erklärt huet um Chrëschtmaart ze participéieren.

mir hun eis och getraff mat Vertrieder vun der Kommunistescher Partei, déi duerno an hirer Zeitung op d'Problemer hei zu Gaasperech agangen sin, mir hu ebenfalls e RV gehat mat dem Här Kollwelter vun der LSAP

mir ware op enger table ronde déi den Automobilsclub organiséiert hat a wou de Staterverkéiersschëffe den Här Bausch, den fréieren Transportminister den Här Goebbels an den Här Schummer, Auteur vum Projet RER, iwer den Tram an der Stat geschwat hu.

Mir ware zu Märel vertrueden ewéi iwert de Zweschebilan vum Koalitiounsvertrag geschwat gin ass a méi speziell iwert d'Urbaniséierung vun de Quartier'en am Süden vun der Stat

mir waren den Invitatiounen vun der Gemeng gefollegt wéi am Theater dat neit Buskonzept an dat neit Veloskonzept virgestallt gi sin a mir ware zu Hollerech wéi Porte de Hollerich virgestallt gin ass.

Mir ware vertruede bei der Reunioun fir d'Koordinatioun vun der Sportshall ze machen.

Dernierft kruten mir Invitatiounen vun der Gemeng fir op der Journée Quattropole an op der Ouverture vun den 3 Chrëschtmäert hei an der Stad deelzehuelen.

Mir hunn mat dem Zéissenger Interesseveräin zesummen eng Konferenz organiséiert wou mir dei Responsabel vum Wirtschafts- an Emweltministère agelueden haten fir eis iwwert d'Introduktioun vum Häiserpass ze informéieren. Dat war e grousse Succès. Mir haten och déi Kéier eng Busnavette bestallt déi déi Zéissenger op

Gaasperech an zréckbruecht huet. Vun hei aus en häerzleche Merci un déi Zéissenger fir déi gutt Zesummenaarbecht an dat net nëmme an dësem Dossier. Den Häiserpass ass jo elo schon obligatoresch fir déi Gebäier déi elo gebaut gin an e gët vum 1.1.2010 un obligatoresch fir déi Gebäier déi verkaaf oder verlount gin, d'Appartementer ziele och duerzou. E puer Détailer : wann e Haus oder Appartement verkaf gët ass de Notär obligéiert ze kontrolléieren op den Certificat besteet, frais'en si zu Laschten vum alen propriétaire. Wann et ëm eng Locatioun geet, ass et d'Recht vum Locataire fir nom Certificat ze froe. De certificat huet keng Inzidenz op de loyer. Leider ass verpasst gin am neie Loyersgesetz eng Klausel anzesetzen wann d'Gebäi nët konform ass dat de Loyer kann erofgesat gin. Schlussendlech muss de locataire jo och méi hech frais'en droe wann d'Heizung aal ass a wann et zu de Fënsteren era zit. Wéi gesot et war eng interessant Konferenz.

Mir waren 2 mol am comité de prévention élargi op der Gemeng wou et nach ëmmer em de selwechte Problem gaangen ass : d'Sécherheet an der Stad mat allen Sozialproblemer, déi mir kennen. Op den dossier Fixerstuff kommen ech herno nach eng Kéier zreck

Mir waren an der Generalversammlung vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden. Mir si jo am Conseil d'administration vun der Usill vertruede, an dat duerch meng Wéinegkeet. Dëse comité ass am Lâf vum Joer 6 x zesummekomm.

Mir ware an de Generalversammlungen vun dem Hollerecher- an dem Zéissengersyndicat.

Mir waren op e puer Réuniounen a Virträg am « Haus vun der Natur » op der Kockelscheier

Den 15. November hate mir e Lidder- a Sketchersowend organiséiert mat den Bänkelsänger, déi eis e flotte a lëschtege Programm présentéiert hun. Leider ware nët sovill Leit komm mee déi déi do waren deenen huet et gefall, wéi mir héieren hu. En härzleche Merci fir déi déi ëmmer trei bei eis kommen.

Ech freeë mech Iech haut soen ze kënnen, datt mir den 14. November 2009 erëm eppes organiséieren an zwar kommen d'MAKADAMMEN" mat hirem **neie** Kabarettsprogramm deen am Oktober uleeft bei eis. Wéi der wësst zéien Makadammen ziemlech vill Leit un a duerfir könne mir d'Entrée nëmmen op Reservatioun mache, also avis aux amateurs.

En härzlech Merci vun hei aus dem Liliane a Nico Vallentini vun der Firma Joleka, der Tankstell Q8 op der Escherstrooss, der Firma Jean Goerens an der Firma Copytrend déi eis finanziell ënnert d'Ärm gegraff hunn sowéi all de Geschäftsleit an och Privatpersounen déi eis gehollef hunn eng flott Tombola ze organiséiere.

Well mer elo schon beim Organiséieren sin kann ech Iech confirméieren dat de zoustännegen Minister accordéiert huet dat d'Militärmusek den 29. November 2009 op Gaasperech kënnt. Dem Här Paschtouer villmols Merci, datt hien eis d'Kierch fir dësen Zweck zur Verfügung stellt.

Mat de Veräiner hu mir eis 1x getraff fir de Manifestatiounskalenner ze préparéieren – Mir hunn d'Journée de la commémoration nationale organiséiert. Mir ware bei deene Veräiner vertrueden, déi eis eng Invitatioun op hir Generalversammlung geschéckt hunn. Den IVG war d'lëscht Joer bei der Iwerréchung vun den Donen vum Chrëschtmaart dobei a huet och um lëschte Chrëschtmaart rëm matgemaach wou mir eis ëm de Verkaaf vun der Tombola gekëmmert hu.

En häerzleche Merci geet un déi Leit a Vertrieder vun de Veräiner, déi eis bei verschiddene Geleeënheeten hëllefen an wou hinne keng Méi zevill ass, fir eng Hand mat unzepaken, sief et fir Infoblieder auszedroen, d'Bréidercher ze maachen oder an der Kichen oder am Service ze hëllefen. Ech wëll se net nennen fir keen ze vergiessen...

Éier ech op den Detail vun eise verschiddene Korrespondenze giff eriwwergoe, wëll ech awer kuerz den dossier "Ban de Gasperich" uspriechen.

Wéi der vleicht iech erënnert hat d'Tribunal administratif eis net Recht ginn a gemengt, mir hätten keen "interêt à agir". Dorops hi huet eise Buergermeeschter direkt iwert Medien matgedeelt dat elo kann ugefange gin mat Bauen, hien hat vergiess dass mir nach op eng aaner Instanz kënnte goen. Doniewt huet hie nach gemengt et missten onbedengt Prozeduren gekierzt gin, majo den Drock vun de Promoteurs'en a Bauhären liesen mir jo och all Dag an der Zäitung, Aennerungen si jo dann nëmmen am Sënn dat de Bierger manner Reklamatiounen ka machen. Mir hu jo misse reagéieren a hun e Communiqué a geschriwe Press gin a hun 2 kuerz Messagen am Journal vu RTL duerchkritt. Et ass jo eng Frechheet dat ëmmer erëm an der Oeffentlechkeet gesot gët mir hätte géint dat ganzt Reklassement reklaméiert, dat stëmmt nët.

NOTE

1. Si le Conseil communal aurait en son temps disposé en bon père de famille des réserves foncières de la Ville de Luxembourg et aurait ainsi procédé à une modification ponctuelle de la zone différée en zone réservée aux édifices publiques comme le prévoit le règlement des bâtisses communal, à savoir, **en cas de nécessité reconnue**, les premières poses de pierre pour le Centre de Secours et le Lycée Vauban auraient déjà eues lieu depuis un certain temps… ;

2. Il en est de même en ce qui concerne le non-respect de la VdL des recommandations de la Commission d'aménagement du Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire de ne pas intégrer dans le reclassement les infrastructures routières, notamment le bd Cloche d'Or ainsi que de la recommandation que la Ville de Luxembourg ne devrait pas abandonner à la seule initiative privée la définition de la conception urbanistique en un endroit aussi important de son territoire.

3. Le syndicat réfute catégoriquement les reproches des autorités communales que le Syndicat n'aurait jamais été favorable contre le projet Ban de Gasperich. Le syndicat n'a jamais contesté l'implantation d'un Centre de Secours dans les alentours du Rond Point Gluck. Par contre, il a demandé l'entrée/sortie directe sur l'autoroute. Lors du vote provisoire, la construction d'un Lycée Vauban n'était même pas officiellement connue. Le Syndicat a, au cours des discussions suggéré de prévoir, entre autres, la construction d'une maison de retraite ou d'une maison de soins pour personnes âgées.

4. L'IVG a réclamé contre un projet « Wohnen im Park » projeté dans la zone humide et d'inondation de la Drosbach. En plus, la partie écrite du reclassement des terrains réservés précise clairement que « le logement est à considérer comme logement temporaire tels que appart-hôtels et hôtels ».

5. Entre autres l'IVG a réclamé contre les infrastructures routières, c.à.d. le nouveau boulevard Cloche d'Or (..de Gasperich, Kockelscheuer, Vert etc) et contre le boulevard extérieur (rue Hogenberg).

Dans son avis la Ville de Luxembourg avoue que le «Ban de Gasperich » est un projet qui aura sûrement des incidences nationales voire même des incidences internationales, d'un autre côté les réclamants ne devraient pas être concernés !!

Du si mir rëm op d'Cour administrave gange a mir krute Recht a mir si rëm zreck op den Tribunal administratif verwise gin fir schlussendlech um Fong jugéiert ze gin. Leider hu mir do rëm Onrecht kritt a mir si rëm op d'Cour administrative gangen.

Wat dat Urteel ubelangt könne mir iwert sou wéinig Objektivitéit nëmme de Kapp röselen a mir versti d'Argumenter vum Geriicht nët. Mir hu op engem Punkt Recht kritt an zwar ass dat de Punkt ewou de Direktor a Koordinateur vun der Gemeng de Här Jean Schiltz zwëschen der provisorescher an der definitiver Prozedur e Wasserturm mat a de Projet gesat huet. Mir hun gudd verstanen déi Art a Weis wéi dat geschit ass kontestéiert, nët de Bau vu engem Waasserturm. D'Geriicht huet eis op dësem Punkt Recht gin wëll just

de Bierger därf reklaméieren an nët Servicer vu Gemeng oder Stat. Et war jo nëmme e Wasserturm et hät jo och soss ëppes kënne si....

Déi Punkte wou mir Onrecht krute war e.a. een Punkt ewou mir Zesummesetzung vu der Commission d'aménagement kritiséiert hu, dh 1937er Gesetz huet keng Membres suppléants virgesi, de Conseil d'Etat huet souguer bei Elaboratioun 2004 vum neie Gesetz proposéiert fir membres suppléants mat virzegesin, ma elo seet de Richter, et ass richteg dass d'Gesetz vu 1937 keng Membre suppléants virgeseit mee et steet awer och nët do dat keng därfen an de Commissionssëtzungen vertruede si, sou wéi dat bei eisem Dossier de Fall war. An aanere Wieder, wann ëppes nët verbueden ass dann ass et erlabt.....

Dann den Detail vun eise verschiddene Korrespondenzen :

Mir hu op Grond vun engem Zäitungsartikel wou dra stong, dat P. & Ch e neie site gif siche fir een P & R ze mache, un de Minister vu den Travaux publics geschriwen a proposéiert fir de Pendlerverkéier méi aus der Stat ze halen a duerfir eventuell e Site méi no bei der Grenz ze sichen, do krute mir en accusé de réception, eis Demande get analyséiert a esou warden mir nach op eng Aentwert.

Mir hatten am Januar d'lëscht Joer bei der Gemeng nogefrot wat op der Escherstrooss Eck Gaasperecherstrooss geschitt, mir hun leider do nach keng Antwert kritt. Ausser engem Accusé de réception wou dra steet dat mir gifen au courant gehalen gi hu mir näischt méi héieren, et ass jo alles ofgerappt a mir hu rëm an der Affaire nogehackt, bis elo ouni Antwert.

Dann hu mir gefrot, datt de Stroossebelag vun der rue Lamort soll erneiert ginn. Mir kruten entretemps do geäntwert, dass de Belag wirklech schlecht ass an dat déi Aarbechten am Kader vum dem Reamenagement vun dem Rescht vum Quartier Giorgetti gifen gemach gin. Et handelt sech do ëm d'rue Pensis, Chevalier, Mathias Birthon a Jacques Lamort. D'Aarbechte solle 2010 ugoe.

Mir hu d'Awunner aus der Chevalierstrooss ënnerstetzt wéi si géint déi vill Nodeeler vum Terrain multisports reklaméiert hun – ech mengen et ass deen eenzegen Postive Punkt dat ech hei ka soen : d'Gemeng ass am gangen den Terrain ëmzetransforméieren, et ass eis jo versprach gin eng richteg Spillplatz dohinner ze machen.

Mir hatte jo schon d'lescht Joer gefrot, datt deen Deel vun der Rossinistrooss zur Déportatiounsstrooss soll embenannt ginn, well dat jo elo eng Sackgaass ass a näischt méi mat der Rossinistrooss ze dinn huet mir hate och gefrot fir d'Prioritéitsverhältnisser ze änneren; well mir keng Äntwert kruten, hu mir och do erëm e Rappel gemaach mee mir hu nëmmen eng deelweis Antwert kritt, d.h. d'Gemeng ass nët mat d'accord fir do e Stopschëld ze sëtzen.

Dann e klenge Historique wat Beethhovenstroos ugeet : mir hate jo den 19. November 2004 vun der Gemeng matgedeelt kritt dat de Gemengerot décidéiert hätt, datt de Panneau, deen um Eck vun der Beethoven an der Plantinstrooss steet, géif, nodeem datt de Chantier fäerdeg wier, op d'Escherstrooss kommen. De Chantier war fäerdeg an de Panneau stong nees op der selwechter Platz. Ech hunn am August 2007 eng Mail gemaach, déi ouni Äntwert bliwwen ass, dun telefonesch am Service nogefrot an ech krut gesot: jo, dat géif net goen, well et wier eng aaner Décisioun geholl ginn. Dorops hin, hu mir den 4. Januar 2008 erëm geschriwwen a mir kruten den 10. Januar eng Äntwert: et gesäit een de Panneau net op der Escherstrooss, et misst eng Permission de Voirie gefrot gin, wann en op der jetzeger Plaatz steet hätten d'Chauffeuren besser Zäit fir den Panneau ze liesen asw. Well déi Argumenter awer all mat den Hoer erbei gezu waren, hunn ech du mat der Dr. Adam geschwat an si huet sech un Mme Brasseur an un de Buergermeeschter gewand leider sin och hir Beméiungen ëmsoss gewierscht. So mir hu lo fir dat mir et besser solle verstoe den 12. Januar e Bréif kritt wou dra steet dat déi Situatioun nët gif geännert gin, de panneau "evitez le quartier" bleiwt op der Escherstrooss an den panneau signalétique mat de Firmenimm bleiwt an der Entrée vu

der Beethovenstrooss, deed eis leed dat mir och do an dat mat Hellef vun eiser Gemengeconseillère nët konnten ëppes eréchen. Der Dr Adam en härzlech Merci fir hier Beméiungen.

Mir hun d'Police nach e puermol drop opmierksam gemaach, datt d'Camioneuren hir Container e.a. an der Hogenbergstrooss einfach laanscht den Trottoir oder wéi beim Chalet matten an der Strooss ofsetzen wat 1. verbueden an 2. geféierlech ass. Et ass eng ganz Zäit elo gudd gangen, dank den Interventiounen vun eisem Kommissariat an der Police de Route, mee et kënnt an der Lescht rëm fir dat Freides Owes d'Kontainer ofgesat gin a da Sondes am spéiden Owend rëm eweggeholl gin. Op eis propositioun hin d'Container, d'Camionen an d'Camionetten op engem groussen Parking wéi deen beim Centre douanier ofzestellen fir hei am Quartier keng Parkplazen ze blockéieren ass näischt erfollegt.

Wéi scho gesot ware mir mat dem Zéissenger-Interesseveräin op der Gemeng am Busservice wou e.a. iwert den Schülertransport, sowéi déi verschidden linen geschwat gin ass. Mir hu gefrot dat beim Arrêt Gaasperecherbierg de Propriétaire soll opgefuerdert gin dat Gestrëpp ewegze machen. Well déi 2 Arrêts'en an der rue Beethoven suppriméiert gin sin an elo déi 2 Arrêts'en rue Verte a Klensch méi ewéi 650 m auseneen leien, a well mir Reklamatiounen kritt hu vu villen eeleren Leit aus dem quartier, hu mir gefrot dat déi 2 suppriméiert Arrêts'en rëm sollen zreck kommen.

Wéi gesot waren mir an 2 Reuniounen vum Comité de prévention, wou et ënner aanerem ëm d'Fixerstuff gangen ass. Fir déi éischt Réunioun hat den IVG keng Invitatioun kritt ass awer den RV gewuer gin duerch den Präsident vun der Usill. Et war jo 2004 ausgemach gin dat déi Associationen déi beim Hearing zu Bouneweg reklaméiert haten, an d'Reuniounen vum Comité de prévention gife geruff gin wann et ëm dëst Thema gif goe. Majo, si wossten wirwat dat si eis keng Invitatioun gife schecke well nämlech an där Reunioun de Site vun der neier Fixerstuff bekannt gin ass, nämlech an der rue d'Alsace vis-à-vis vu Paul Wurth. Mir hun do drop opmierksam gemach dat dëse Site genau 300 m vun enger Crèche eweg gif leien, dat d'entrée vum quartier a den englesche Gaart nobei wären an dat dat eng Gefor fir d'Leit am Quartier wär. Muss een nach wessen dat eng Analyse vum Gesondheetsministär a vum Bauteministàr zesummen mat de Responsabelen vun der Gemeng gemach gin ass fir e neie Site ze sichen. D'Conclusioun vun deser Analyse ass dass keen Site sou favorabel ass wéi deen ewou elo d'Container drop stin..

Hei d'Resultat vun der Analyse :

Points **positifs** pour le site « Bonnevoie »	**10**
Points positifs pour le site « rue d'Alsace »	8
Points **négatifs** pour le site « Bonnevoie »	**4**
Points négatifs pour le site « rue d'Alsace »	7

No dëser Reunioun huet de Comité beschloss eng Reklamatioun un déi zoustänneg Responsabel ze machen, d-h. De Gesondheetsminister, den Bauteminister a de Buergermeeschter. Mir hu och eng Aentwert kritt, si verstin eis Suergen, gin eis quasi Recht mee Décisioun bleiwt déi selwecht.

Den 12. August 2008 ass dun iwert RTL Télé e Reportage diffuséiert gin wou matgedeelt gin ass dat d'Gemeng 7 nei Kontainer op de jetzege Site installéiert huet. Dun ass op der Antenne gesot gin dat mat de Gaasperecher Leit geschwat gi wär an dat keng Oppositioun gemach gi wär vu eiser Säit. Ech hu dorophin Mme Kater vun RTL ugeruff fir ze froe wien dat gewiescht wär deen dat behapt hätt a ech krutt als Aentwert et wär eng Persoun aus dem Gesondheetsministère gewierscht. Op Rekommandatioun vun der Mme Kater hu mir dun eng Mise au point bei RTL era gin an déi ass den 25.8. diffuséiert gin.

Entretemps hänkt en avis au public op engem poteau vis-à-vis vum Paul Wurth wou d'Gemeng matdeelt dat eng provisoresch Baugenehmigung ugefrot gi wär a dat e kann dogéint reklaméieren an dann d'Pläng zu gesi kritt. Selbstverständlech hu mir du rëm eng Reklamatioun eragin.

Mir krute eng Invitatioun fir an de nächste Comité de prévention wou du gesot gin ass dass déi nei Infrastruktur an der rue d'Alsace provisoresch fir 10 Joer wär. No menger Fro wéi et dann méiglech wär dat grad dëse Site zreck behale gin ass wou jo d'Analyse nu guer nët favorabel fir des Platz war, krut ech vum Buergermeeschter d'Aentwert, Diskussiounen iwert de Standuert wäre jo awer genuch diskutéiert gin an elo ofgeschloss. Mir froe eis jo awer mat weem dat si sou vill diskutéieren, mir wëssen vu näischt ëppes.

Am Kontext mat der Fixerstuff hu mir nach eng Kéier gefrot, datt de Sens interdit nuets an der rue d'Alsace Richtung Déportatiounsstrooss souwéi d'Circulation interdite an der Mozartstrooss solle méi streng kontrolléiert ginn.

Mir hate jo 2007 am Kader vum Iwwergang vum Analogen op den digitalen Fernsehsystem zesumme mat dem Zéissenger Interesseveräin en Informatiounsowend organiséiert ewou Poste hir Telé virgestallt huet. Duerno ass am Oktober an der Press ugekënnegt ginn, datt vum Februar 2008 een den analog kuckt nëmmen nach 20-30 Programmer empfänke kann, mä jiddereen muss awer vun deem Datum un 55.- euros Droits d'Auteurs bezuelen am plaz vun 17,5 euros an datt egal op hien analog 20-30 Programmer oder digital 80 Programmer kuckt. Um Internetsite vum Ministére deelt de Minister mat, datt hien schätzt, datt d'Cablodistributeure bis den 30. November 2011 déi 20-30 Programmer géifen diffuséieren. Mä eng Geweesheet ass, datt si nach ëmmer maache wat si wëlle !! Muss een elo schon feststellen dat vum 1.2. un eng ganz Partie Programmer net méi gesendt ginn, de nächste Programm den elo wärt verschwannen ass den 3Sat. D'Post weist op hirem Internetsite drop hin, a wat fir Stroosen dat een elo Télé vun der Post kann empfänken, dir braucht nëmmen är Telefonsnummer unzegin et code deen dir ugebuede kritt ze machen a da gesit dir Disponibilitéit vum Reseau. De Moment ass z.b. de Millewee schon disponibel, d'Gutenberg- a Wagnerstrooss kommen am Juli 2009 drun. D'Franklinstrooss war fir Ufank 2010 virgesin ass elo zenter 1 Woch awer rëm vum Site erofgeholl gin. Wann dir Froe zu dem Theam hut kann ech iech do behelleflech si.

Mir hu mat der Usill, dem IV vu Hamm, Fetschenhaf/Cents an dem S.I. Sandweiler e Bréif un den Här Mathias Ruete, General-Direktor bei der Europäescher Kommissioun zou Bréissel gemach fir géint de ville Komméidi vu den Nuetsflich ze reklaméieren. Et geet do ëm Emsetzung vun enger EU-Directive 2002/30/Ce vum 14.2.08. Mir krute eng Aentwert datt eng Etude d'impact gemach gët an dat déi Mesuren déi mir virgeschloe hun gifen am Kader vun där Etude analyséiert gin.

Mir hu gefrot fir eng Vélohsstation an der Géigend vum Rond-point bei der Auer ze kréien a fir dat och op der Cloche d'Or esou Stationen firgesi gin, mir hun an der Zäitung gesin dat aaner Quartier'sen ausgebaut gin an dat esouguer projets'en lafen mat den Nopeschgemengen, mee un eis ass nach keen vu der Gemeng erugetrueden.

Dann eng Fuerderung vum IVG un d'Gemengeautoritéiten: 2005 hate mir scho bei de verschiddene Parteie kritiséiert, datt d'Rapporte vun de Sitzungen, den analyteschen also, esou spéit erauskommen, ausserdem hu mir d'Publikatioun vun de Rapporte vun de Commissioune gefrot, sou ewéi déi komplett Publikatioun vum Ordre du jour vum Gemengerot. Leider hu mir och do keng Satisfactioun kritt bis elo... an et gesäit och net esou aus wéi wann eppes sech géif änneren et geet éischter an déi aner Richtung.

Mir begréissen Dialogfreedegkeet vum Schäfferot an datt hien de Bierger dënschdes mueres empfänkt, mir hunn domat kee Problem, mä mir géifen et begréisse wann d'Syndikater géifen iwwert déi Problemer déi de ganze Quartier uginn e Feedback kréieen, soss am aneren Fall froe mir eis wat de Roll vum Syndikat nach ass. Och vun der Iddi vun der Gemeng Stadtteilbeiräte an d'Liewen zeruffen, wéi dat am Ausland ass hu mir näischt méi héieren.

Dann si Flyer'en am Quartier ausgedeelt gin, datt de Schäfferot wéi d'lëscht Joer schon on Tour geet an zwar fir iwwert d'Entwécklung vun der Stad an iwwert d'Emsetzung vum blo/gréngen Koalitiounsvertrag ze informéieren, déi Réunioun ass fir Zéisseng, Hollerech, Belair, Märel a Gaasperech den 19. Mäerz um 19.00 Auer zu Zéisseng.

Wéi mir haut an der Press liese konnten ass den 18. Februar um 19.00 Auer am Centre culturel zou Sandweiler eng Informatiounsversammlung zum Aktiounsplang Flughafen organiséiert.

Eng weider Informationsversammlung ass den 19. Februar um 19.00 Auer zu Schëffleng virgesin. Do geet et ëm d'Aktiounspläng Stroossenverkéier an d'Eisebunnsnetz. Alles Themen wou mir hei zu Gaasperech mat betraff sin.

D'Aktiounspläng leie währent 60 Deeg an der Gemeng aus wou de Bierger se kann kucke goe. D'Gemenge solle och 60 Deeg no der Publikatioun vun de Projets'en vir déi 3 Aktiounspläng (Flughafen, Stroossennetz an Eisebunn) Stellung huele.

Sou, dat wier et fir mäin Deel. Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet.

Jacquie Lakaff